



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/02/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°971 hat ech d'Inneministesch iwwert d'verspéit Nobezielung beim CGDIS befrot. An hirer Äntwert schreift d'Ministesch :

Fir déi Asätz, déi téschent dem 1. Juli 2018 an dem 1. Juli 2019 gefuer gi sinn, huet de Verwaltungsrot vum CGDIS, den 27. Juni 2019, no der Analyse vun den disponibelen Donnéeën, der Direktioun den Optrag ginn, fir de Solde vum Budget "prorata" op d'Unzuel vun Asatz pro Member opzedeele an auszebezuelen. [...] Uganks August krut d'Firma, déi fir de Programm fir d'Gestioun vun den Interventionen (LuxDoc) zoustänneg ass, den Optrag fir all d'Donnéeën déi néideg si fir d'Ausbezuere vun den Asatz aus dem LuxDoc ze zéien. No engem Contrôle vun den Zuelen, kënnen d'Indemnitäten iwwerwise ginn, woubai och all déi Memberen eppes kréien, déi net u feste Garden oder Permanenzen deelgeholl hunn, mee bei enger "Alerte générale" op den Asatz waren.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Sinn, Stand haut, all deemools ausstoend Indemnitäten ausbezuelt ginn? Falls net, wéi vill Suen, opgeschlësselt no Typ vun Indemnitét si bis haut net un d'Pompjeeën ausbezuelt ginn an aus wéi engem Grond net?
2. Wéi vill Euro/Stonn hunn d'Benevole beim CGDIS zegutt,
 - déi Bereetschaftsdéngscht (Status 2) maachen?
 - déi Kasärendéngscht maachen?
3. Existéieren, nieft deem vun der Ministesch ugeschwaten interne Reglement, aner Dokumenter, an deenen d'Fräiwellegger vum CGDIS noliese kënnen, wat si als Indemnisiounen zegutt hunn? Falls net, wär et fir d'Férdere vun enger gudder interner Kommunikatioun téschent der Direktioun an de Fräiwellege beim CGDIS net opportun, esou een Informationsblat opzestellen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange



www.piraten.lu